Lieserbréif, veröffentlecht am Wort, den 10.6.2017.

Mat zweeërlee Mooss

Endlech huet sech e Konflikt op der Sauer entschäerft!

D'Spezialkonventioun fir den Ënnerhalt vun der Basilika ass no méintelaangem Blockage endlech vun der Regierung, der Kierchefabréck an der Gemeng vun Iechternach an och vum Bëschof ënnerschriwwe ginn. Souguer d'Membere vun der lokaler LSAP hunn sech frou an zefridde gewisen, datt elo fir d'Zukunft vum „monument historique" an der Abteistad gesuergt ass, well de Staat iwwerhëlt 50% vum Ënnerhalt, an d'Kierchefabréck an d'Gemeng je 25%. Souguer de Premier huet sech erfreet gewisen, datt eng Léisung fonnt gouf.

Di Fro di sech elo just nach stellt: Firwat däerf dann elo de Staat an och souguer d'Gemeng just zu Iechternach fir eng Kierch opkommen, an an allen anere Gemengen (ausser der Stad Lëtzebuerg) däerf dat keng Gemeng maachen? Jo am Géigendeel, do kréichen se et jo souguer verbueden, ëppes fir „hir" Kierch ze ginn. An schonn elo ginn et Buergermeeschteren, déi sech weigere weider fir d'Hëtzes vun der Kierch opzekommen, an d'Molereie fänke schonn un mat bléideren, well d'Kierch widder dem Fiels gebaut gouf.

Wann also elo e Konsens fir d'Abteistiedtchen an seng Basilika fonnt ginn ass, da misst een dach och fir all déi aner Gemengen a Kierchefabrécken eng entspriechend Léisung ze fanne sinn. Well alleguerten d'Kierche sinn Deel vum „Patrimoine culturel", ob een elo gleeweg ass oder net. Dat spillt dobäi keng Roll, et kann also hei net mat zweeerlee Mooss gemooss ginn.

Christiane Gnad
Sprénkeng